

2024
2025
EDITIOUN

DE FËSCH

ENG INFORMATIOUNSBROSCHÛR VUN
DE LËTZEBUERGER STUDENTEN
ZU KAISERSLAUTERN



Cercle
zënter 1981



www.lsk.lu





Fir d'Liesbarkeet ze vereinfache gëtt an dëser Brochure haaptsächlech d'grammatesch Form vum generesche Maskulinem benotzt. Dëst ass keen Ausdrock vu Geschlechtsdiskriminéierung. All Begrëffer bezéien sech gläichermoossen op all Geschlechter. Mir verpflichten eis zu Gläichbehandlung a Geschlechtergerechtegkeet.



■ INHALTSVERZEECHNES

Virwuert **5**

1 De Cercle a seng Stad **6**

D'Geschicht vum LSK	7
D'Stad Kaiserslautern	8
Wunnen zu Kaiserslautern	10
Nëtzlech Kontakter	12
D'Caféen zu Lautern	13
Ausfluchsdestinatioun	14
Pfälzesch fir Ufänger	15
De Comité 2023	16

2 Aktivitéiten **20**

De Stammdësch	21
Wantereventer	22
Summereventer	23
Studentefoire	24
Student fir 1 Dag	26
De Studentebal	27
Chrëschtfeier	28
Bistropiade	30
LSK Ausfluch	32
LSK Sport	33
Intercercle	34

3 Héichschoulen **36**

Alles op ee Bléck	37
Universitéit (RPTU)	38
Héichschoul (HS)	40
Interviewen	42
Wat studéieren eis Memberen?	56

4 Eis Sponsoren **59**

Merci un eis Sponsoren!	60
Schlusswuert	63
Impressum	64

INNOVATIV PROJETS BEI DREES & SOMMER LËTZEBUERG

Als féierend europäescht Berodungs-, Konzeptions- a Projektmanagement-Entreprise
begleede mir eis Client bei alle Froen iwwert Immobilien, Projektmanagement,
Urbanismus an Infrastruktur. Mir stinn fir innovativ
Iddien a nohalteg Usätz.

Mir sichen iwwert d'ganzt Joer Studenten an Absolventen aus de Beräicher
Versuerungstechnik, Maschinnebau, Elektro- an Haustechnik, Architektur,
Bauingenieur, Urbanismus, Wirtschaftsingenieur an nach mei...

Projektmanagement, BIM
a Leanmanagement fir de
Centre Hospitalier de Luxembourg (CHL)
© CHL



Projektleitungsversuch am Kader vum PNP
fir de neie Centre Hospitalier de Luxembourg
© PNP Architecture



**CRADLE TO CRADLE®
BIM, PROJEKT-
MANAGEMENT,
TECHNISCH
KONZEPTION,
ENTWICKLUNGS-
MANAGEMENT,
INFRASTRUKTUR-
BERODUNG**



Betreiber vum der Biegebiedverlegung a
Gestaltung vum Concours am Kader vum
Projet „Neien Quartier fir Wanner“
© BSA / Commune de Wonneldange



PM-Projektmanagement an Konzeption fir de
neie Centre Hospitalier de Luxembourg
© CHL / PNP Architecture

Benotzt mir de fir mat Iddien oder fir eis Iddien CY an schiedert
Drees & Sommer Lëtzebuerg, Ass: Michael Agnew: michael.agnew@drees.com,
Michael TWE: michael.twe@drees.com
www.drees.lu

**DREES &
SOMMER**



Léif Schüler a Studenten,

An eiser Broschüre wëlle mir iech net nëmmen eise Cercle méi no bréngen, mee och allgemeng d'Studenteliewen zu Kaiserslautern mat allem, wat dozou gehéiert.

An dëser Broschüre fannt dir Infoen zur Technescher Uni an Héichschoul, wéi och eise Sponsoren, ouni déi mir als Cercle net weider bestoe kéinten. Natierlech weise mir iech och eis Eventer, déi mir dat ganz Joer duerch fir eis Memberen organiséieren. Mir bidden eng Panoplie u verschiddenen regeelméissegem Events, déi vun eise Stammdëscher all Woch bis Kart fueren ginn. Dobäi kommen e puer grouss Highlights, déi der an dëser Broschüre wäert gewise kréien.

Mir hoffen, dass dës Broschür iech Kaiserslautern méi no bréngt, an de Comité wënscht iech vill Spaass beim Liesen. Natierlech wäere mir och frou, deen een oder anere bei eis zu Lautern an am Veräi begréissen ze kënnen.

Jessica Moris
Presidentin 2024



VIRSTELLUNG DE CERCLE A SENG STAD

01

#DEFFESCH

■ D'GESCHICHT VUM LSK

1981 hu siwe Lëtzebuerger, déi gär zesumme Fussball gespillt hunn, ee Lëtzebuerger Studenteveräin zu Kaiserslautern gegrënnt. Sätdeem ass den LSK (Lëtzebuerger Studenten zu Kaiserslautern), konstant gewuess an huet haut, Stand 2025, ëm déi 60 Membere – dat bää 140 Lëtzebuerger, déi insgesamt zu Kaiserslautern studéieren. Während de Virlesungsphasen bidde mir eise

Membere méiglechst vill Eventer, wéi zu Beispill all Woch ee Stammdësch, als Ofwiesslung vum Studentendag. Donieft wëlle mir als Cercle neie Lëtzebuerger Studenten den Ufank vun hirem Studium méi liicht maachen. Mir beroden si bei Froen zur Uni, hirem Studium a bidden hinne verschidden Aktivitéiten u, fir si an de Cercle anzubannen.





■ D'STAD KAISERSLAUTERN

Um nördleche Rand vum gréissten däischter Bësch, dem Pfälzerwald, läit d'Stad Kaiserslautern, eng Universitäts- an Industriestad am Bundesland Rheinland-Pfalz, knapp 2 Stonne vu Lëtzebuerg wech. Mat sengen 102.160 Awunner gëllt Kaiserslautern als Grousstad. Déi eng nennen et „Léift op den zweete Bléck“, déi aner schwärme vum de „verbuergene Schätz“ vun der Stad Kaiserslautern. Wann ee bis eng Kéier zu Lautern war, wäert een de Charme vun der „klenger Grousstad“ séier erkannt hunn.

D'Faarf Rout ass ee Charakteristik vu Lautern, an erënnert un de Buedem vun der Westpfalz, d'Strécher lénks a riets vum Lautrer Wopen, de Sandstee vum Pfalztheater an – natierlech net ze vergiessen – un de Betzenberg mam „roten Teufel“.

Lautern huet sech als IT-Standuert och international ee gudde Ruff verdéngt. D'RPTU Kaiserslautern an d'Héichschoul esouwéi vill aner Instituter droen dozou bäi, dass Lautern an deene leschte Joren ee grouse Strukturwandel duerchgemeet huet.

Den FCK bleift awer nach ëmmer vir vill Awunner den Highlight schlechthin. Sait de 50er Joren, wou den 1. FC Kaiserslautern Däitsche Meeschter ginn ass, ass en och den Touristemagnéit aus der Region. Sou entwéckelt sech Kaiserslautern ëmmer méi zu enger spannender Grousstad, déi matten am Grénge läit, déi dank hirer gudder Infrastruktur bequeem an einfach z'erreechen ass an déi hir Geschicht an Traditione fleegt.

D'STAD AN ZUELEN A FAKTEN

- Awunner	102.160 (2020)
- Gréisst	140 km ²
- Héicht	251 m ü. NHN
- Floss	Lauter





Lautern ass eng international Stad, an där ronn 140 verschidden Natioune liewen. "K-Town" mat der ugrenzender Airbase Ramstein stellt mat hirer „Military Community“ vu ronn 50.000 Leit déi gréissten amerikanesch Grupp ausserhalb vun den USA duer.

Den Numm „Fësch“ soll un de Wope vun der Staat Kaiserslautern erënneren. Bei hirer Grënnung war d’Stad fir hire Fëschräichtum bekannt. Ausserdeem soll der Legend no 1497 e Fësch vu 6 Meter mat engem Rang ëm den Hals, gefaange gi sinn, deen nach aus der Zäit vum Kaiser Friedrich II (1230) iwwerliefert hat. Dorops hi gouf de Fësch an de Wope vu Kaiserslautern opgehol.



■ WUNNEN ZU LAUTERN

Wann dir op Kaiserslautern studéiere komme wëllt, brauchst dir natierlech och eng Wunneng. Hei hu mir e puer Tipps a wichteg Site, ob deenen dir iech no enger Wunneng ëmkucke kënnt:

- **Zum engen kënnt dir am Internet no enger Wunneng oder WG sichen:**

studierendenwerk-kaiserslautern.de
wg-gesucht.de
immobilienscout24.de
ebay-kleinanzeigen.de
immo.rheinpfalz.de
...

- **Awer och op Facebook a Whatsapp fannen sech verschidde Gruppe bei deenen dir eppes Interessantes fanne kënnt:**

“LSK - Membersgrupp”
(du kanns des Grupp bäitrieden, och
wann s du nach kee Member bass)

“Immobilien Kaiserslautern und Umgebung”

“ich kämpf” mich nicht allein nach vorne - die stürmer”

Members-
grupp



- **Ausserdeem, ginn et och verschidden Appen fir direkt um Handy no enger Wunneng ze sichen:**

Immowelt
ImmoScout24
WG-Gesucht.de

- **Natierlech fannt dir och Wunnengen um Schwaarze Briet op der Uni (am 46er Gebai an an der Mensa) oder Héichschoul, wou d'Leit dacks en Nachmieter sichen.**
- **D'Lëtzebuenger Staat besëtzt zu Lautern d'Logementer fir d'Studenten. Bei Interessé kënnt dir beim Héichschoulministère nofroen ënner: logement@mesr.etat.lu**





Den duerchschnëttleche Präis vum Loyer zu Kaiserslautern läit bei: 10,42€/m² (2025).

Eng Fro déi sech Studente stellen, wann se op Lautern wunne kommen ass, ob een sech eng Wunneng an der Stad oder léiwer bei der Uni siche sollen. Dorop gëtt et keng richtig oder falsch Äntwert. Ongeféier d'Hallschent vun eise Membere wunnen an der "Stadtmitte", déi aner Hallschent an der Géigend vun der Uni.

Do muss all Student fir sech selwer entscheiden, wat fir e perséinlech am beschten ass. Déi eng si léiwer méi no bei der Uni an hu kee laangen Transport, déi aner wëllen hier Fräizäit an der Stad verbréngen kënnen.

Mee doduerch, dass Kaiserslautern keng all ze grouss Stad ass, kënnst e relativ séier mam Bus, Auto, Vëlo oder E-Trottinette vun A op B.



■ NÖTZLECH KONTAKTER

RPTU Kaiserslautern

Gottlieb-Daimler-Straße 47
D-67663 Kaiserslautern
www.rptu.de
Tel.: +49 631 205-0
Mail: info@rptu.de

Hochschule Kaiserslautern University of Applied Sciences

Schoenstraße 11
D-67659 Kaiserslautern
www.hs-kl.de
Tel.: +49 (0) 631 / 37 24-0
Mail: studsek-kl@hs-kl.de

Bürgercenter Kaiserslautern

Willy-Brandt-Platz 1
D-67657 Kaiserslautern
Tel.: +49 (0) 631 365-2538
Mail: buergercenter@kaiserslautern.de

Westpfalz-Klinikum

Hellmut-Hartet-Straße 1 D-67655
Kaiserslautern
www.westpfalz-klinikum.de
Tel.: +49 (0) 631 203-0
Mail: info@westpfalz-klinikum.de

Polizeiinspektion Kaiserslautern 1

Gaustraße 2
D-67655 Kaiserslautern
www.polizei.rlp.de
Tel.: +49 (0) 631 369-2150
Mail: pikaiserslautern1@polizei.rlp.de

Finanzamt Kaiserslautern

Eisenbahnstraße 56
D-67655 Kaiserslautern
Tel.: +49 (0) 631 3676 - 0
Mail: poststelle@fa-kl.fin-rlp.de



■ D'CAFÉEN ZU LAUTERN

Gaststätte Witches

Steinstraße 26
D-67657 Kaiserslautern

Zwick's

Steinstraße 24 - 26
D-67655 Kaiserslautern

Hardrock-Café

Rittersberg 2
D-67657 Kaiserslautern

Moloney's Irish Pub

Steinstraße 29
D-67657 Kaiserslautern

The Snug Irish Pub

Steinstraße 19
D-67657 Kaiserslautern

Simpel

Klosterstraße 1
D-67655 Kaiserslautern

Café Royal

Steinstraße 27
D-67657 Kaiserslautern

Hannenfass Kaiserslautern

St.-Martins-Platz 1
D-67657 Kaiserslautern

Zack-Zack

Richard-Wagner-Straße 86
D-67655 Kaiserslautern

Puls Musik Bar

Martin-Luther-Straße 8
D-67657 Kaiserslautern

Café Extrablatt

Marktstraße 26
D-67655 Kaiserslautern

Schorle Gewitter

Marktstraße 3-5
D-67655 Kaiserslautern



AUSFLUCHSDESTINATION



**Dahner
Felsenland**
(Zellertal)



Burg Gräfenstein
(Merzalben)



Bärenhöhle
(Rodalben)



Mehlinger Heide
(Enkenbach)



Weinberge
(Zellertal)



Schönau
(Südwestpfalz)



Karlstal
(Trippstadt)



Teufelstisch
(Hinterweidental)



**Blick über
Wasgau**



**Blick über
Donnersberg**



Erdekaut
(Eisenberg)



**Kuseler Land im
Frühsommer**



Burg Lichterberg
(Nordpfälzer
Bergland)



**Winterliche
Pfälzerwald**



Kloster Hornbach
(Zweibrücken)



**Bergruine
Wegelnberg**
(Schönau)





1961 gegrënnt



inwwer **450**
Matsaarbechter



22 Nationalitéiten



Erschafe vun
inwwert **100** néien
Aarbechtsplazen
tëscht 2017 a
2022



15 Lëtzebuerger
Associéen



33% Fraen



inwwer **drëssag**
extraprofessionell
Eventer (Afterwork,
Grouss Botz,
Familljendag,
Banquet, sportlech
Aktivitéiten, ...)

■ DE COMITÉ 2025



Philippe Harpes

Präsident

Raum - und Umweltplanung
RPTU zu Kaiserslautern



Nicolas Claude Schreiner

Vize-Präsident

Chimie
RPTU zu Kaiserslautern



Charlène Chaudy

Sekretärin

Microbial a Plant
Biotechnology
RPTU zu Kaiserslautern



Oliver Mainz

Tresorier

Bauingenieur
RPTU zu Kaiserslautern



Jessica Moris

Responsabel Intern

Chimie
RPTU zu Kaiserslautern

Pascal Heirandt

Responsabel Informatik

Bauingenieur
RPTU zu Kaiserslautern



Max Pundel

Responsabel Event a Sport

Bauingenieur
RPTU zu Kaiserslautern



Lea Zoé Klein

Responsabel Representatioun

Staat- a
Regiounalentwécklung
RPTU zu Kaiserslautern



Pit Schneider

Cooptéiert

Maschinnebau
RPTU zu Kaiserslautern



Noah Hensen

Cooptéiert

Maschinnebau
RPTU zu Kaiserslautern






Eric Seburger

Cooptéiert

Bio- a Chimieingenieur-
wëssenschaften
RPTU zu Kaiserslautern



Joé Reiles

Cooptéiert

Bauingenieur
RPTU zu Kaiserslautern





VIRSTELLUNG AKTIVITÉITEN

02

#DEFFESCH

■ DE STAMMDËSCH

Eise Stammdësch ass e feste Bestanddeel vun eisem wéchentleche Programm. Sait iwwer 12 Joer treffe mir eis dënschdes owes am Witches a loossen eis vum Petra, der Cheffin an Häerz vum Witches, zerwéieren. Mir sëtzen zesummen um ronnen Dësch, oder bei guddem Wieder och dobaussen ob der Terrasse, an drénken deen een oder anere Patt. De Stammdësch ass déi ideal Platz, fir sech e bëssen vum stressegem Unialldag ofzelenken a mat de Kollegen zesummen iwwer Gott an d'Welt ze schwätzen.

Fir déi, déi direkt vun der Uni kommen, oder keng Loscht haten nach eppes ze kachen, ass eise

Stammdöner, den Altstadtöner, direkt niewendrun. Natierlech si mir net nëmmen um Stammdësch fir eppes ze drénken oder z'ïessen, mee verbrenge eis Zäit och gäer mat verschiddene Gesellschaftsspiller, oder moossen eis am Kicker, Dart oder Beerpong.

Bei eis um Stammdësch ass jidderee wëllkomm, och deen, dee léiwier eng Limonad wéi Béier drénkt. Sou loosse mir dat ganzt Joer iwwer ëmmer zesummen den Dënschden Owend auskléngen, an dat meeschtens bis d'Petra eis rausgehäit. Da gi mir heem a freeën eis schonn op déi nächst Woch.



■ WANTEREVENTER

Mat de Wantereventer wëlle mir deenen neie Studenten d'Méiglechkeet ginn den LSK kennen ze léieren an sech am Cercle anzeliewen.

Fir déi Nei ze begrëissen, organiséiere mir:



Dës weidere bidde mir nach e puer kleng Eventer:



LSK YT-Channel



Du wëlls gesi wat mir sou alles gemaach hunn?

Da kuckt eis Video'en op eisem YouTube Channel!



■ SUMMEREVENTER

D'Sommersemester ass vollgepaakt mat Aktivitéiten déi sech iwwert d'ganzt Semester verdeelen.

Eis Haaptevenementer sinn:



Mee et sinn och méi kleng Aktivitéiten déi mir "Cercle-Intern" hunn. Bei deene kënn een meeschtens 20-30 Leit matmaachen wéi zum Beispill:



D'ADRESS VUN EISEM STAMMDËSCH

Witches
Steinstraße 26
D-67657 Kaiserslautern

STUDENTEFOIRE

Fir eng Réi vun iech als Lieser ass warscheinlech d'Studentefoire den éischte Kontakt zum LSK. Op eisem Stand kënnen Lycée-Schüler eis kenneléieren an all hier Froe stellen. Mir bidden Informatiounen iwwer d'Héichschoul an d'Uni zu Kaiserslautern, mee och iwwer déi verschidde Studiegäng an d'Stad selwer.


Net nëmme mir als Cercle sinn ob der Studentefoire vertrueden, mee och vill Unien an Héichschoulen hunn e Stand ob der Foire. Mir probéiere beschtméiglechst op är Froen ze äntweren a wichteg Informatiounen wéi Umeldung op

der Uni, Studenteliewen oder wéivill Käschten ob iech zoukommen, ze erklären.

Mirhunn ëmmer sou vill wei méiglech Leit vun eisem Comité um Stand, fir iech breet gefächert ze hëllefen. Falls awer mol eng fachspezifesch Fro net beäntwert ka ginn, leede mir do natierlech de Kontakt zu der entsprecherender Persoun weider.

Mir freeën eis ëmmer nei Gesichter um Stand ze gesinn an dono och zu Lautern als nei Memberen am LSK begrüissen ze dierfen.





Zenter méi wéi 20 Joer ass INCA an alle Beräicher vum Bauingenieurwesen aktiv: Héichbau, Bréckebau, Wasserbau, Infrastrukturen (Strassen, Eisenbahn, Leitungen,...), Projectmanagement, Bauphysik a Brandsicherheit, Umwelt...

Bist du op der Sich no engem Stage oder enger Aarbecht?
Meld dich einfach bei jobs@inca.lu

• Niederanwen • Belval • Luxembourg • Dicksch • www.inca.lu





Driven by your needs.

**INNOVATE IN
ELECTROMECHANICAL
SOLUTIONS SINCE 1976**



Who are we?

With over 800 employees, Cebi Luxembourg is specialized in temperature and level sensors, heaters and washer systems for the automotive industry and household appliances.

Our mission

To deliver creative solutions that make people's lives easier and safer by empowering our employees to excel.

About us

- 50 R&D Experts
- 300.000 Finished Products per day
- > 10 Product Families

We are hiring

- R&D Engineers
- Quality Engineers
- Automation Engineers

www.cebi.com

Cebi Luxembourg S.A. 30, Rue J-F Kennedy L-7327 Stunsel
Luxembourg - hr.lu@cebi.com

■ STUDENT FIR 1 DAG

Beim Student fir 1 Dag kréie lëtzebuerger Schüler d'Chance, hir zukünfteg Uni besser kennen ze léieren. A Kooperatioun mat der ACEL gëtt dësen Dag souwéi den Transport mam Bus oder Fliger vu Lëtzebuerg aus organiséiert. Op verschiddenen Dagesreese während der Ouschtervakanz kënnen interesséiert Schüler iwwer 20 verschidden Unistied besichen.

Den LSK organiséiert de Schüler ëmmer e flotten Dag, am Laf vun deem all wichteg Platz vun der Stad, den Unicampus an d' Héichschoul besichtegt ginn. Um Unicampus kritt ee spannend Ablécker an de groussen Auditoire, verschidde Laboen, d'Mensa an och

administrativ Gebaier, déi fir eng spéider Umeldung wichteg sinn. No enger Visitt vun der Héichschoul gi mir zesummen an d'Stad, wou mir den néie Studenten an eisem Stammcafé ee Patt ausginn.

Während deem ganzen Dag kann een net just eng éischt Kéier d'Stad an d'Uni kenne léieren, mee och all seng Froen un erfuerer Studente stellen, déi engem ee spéidere Start an d'Studenteliewe méi liicht maan.

D'Umeldunge fir de Student fir 1 Dag lafen iwwert de Studentevertrieeder ACEL op hirer Internetsäit ënnert der Rubrik „Student fir 1 Dag“.



■ DE STUDENTEBAL

All Joer zitt et vill Lëtzebuerger Studenten an d'Staat, fir do zesummen de Studentebal ze feieren. Traditionell fënnt dësen ëmmer Mëtt Juli zu Hollerech op der Wiss beim P&R Bouillon statt.

2025 ass de Studentebal a seng 24. Editioun gaang. De Bal, dee säit 2001 besteet, ass mëttlerweile ee festen Datum am Kalenner vun all Student, a gëtt vun der ACEL an Zesummenaarbecht mat all de Studenteveräiner organiséiert. All Cercle huet säin eegene Stand, wou e Gedrénks ubitt, dat entweder mat senger Studentestad ze dinn

huet oder dem Cercle aus anere Grënn ganz wichteg ass. Mir als LSK sinn natierlech och mat derbäi a maache mat eisem groussen Iessstand souwuel eppes géint de kléngen, wéi och eppes géint dee méi groussen Honger.

Op dësem Evenement kommen all Lëtzebuerger Studenten aus de verschiddensten Unistied zesummen a verbréngen e schéinen Owend zesummen, woubäi den een oder anere Patt gedronk gëtt a mat beschter Musek bis an de fréie Moien eragefeiert gëtt.



■ CHRÛSCHTFEIER



Ee vun den Highlights am Joer vum LSK ass eis grouss Chrëschtfeier, mat där mir de Joresofschloss am Saks, engem gudden Restaurant an Hotel zu Kaiserslautern, feieren. Et treffen sech souwuel all eis aktiv Membere, wéi och ëmmer den een oder aneren Ancien fir a chicker Tenue e flotten Owend zesummen ze verbréngen. Mir kucken zesummen nach eng Kéier op eist erfollegräicht Joer zrëck, an eis frësch gebake Bleuen

kréien den Diplom vun hirer Daf feierlech iwwerreicht.

Den Owend setzt sech aus engem Menü mat dräi Gäng an engem gudden Patt zesummen. Fir den Ofschloss geet et nom lesse weider an e Club, wou mir d'Zäit bis an déi frei Moiesstonne genéissen an en onvergieslechen Owend zesumme verbréngen.



■ BISTROPIAD

All Joer am Summersemester fënnt am Café Royal eis legendär Bistropiad statt.

Op dësem Turnéier trieden eis Memberen an 2er Ekippen a véier Disziplinne géinteneen un. Fir Kicker, Darts a Billard muss een e bëssen üben, mee an der véierter Disziplin, déi aus Béier drénke besteet, muss ee manner sportlecht Talent hunn. D'Bistropiad zitt all Joer vill motivéiert Spiller un, déi hei den Owend an enger frëndschaftlecher Ronn ausklénge loossen.

D'Gewënner vum Owend ginn op eisem renomméierte Wanderpokal, dee scho säit Jore ronderëm geet, veréiwegt, an däerfen den ee Joer halen, bis déi nächst Gewënner feststinn. Mee och all aner Matspiller soll net eidel ausgoen, a kritt en Diplom fir d'Platz, déi heen areecht huet.





LSC Engineering Group

Concevoir et construire des projets durables

www.lsc-group.lu

Suivez-nous sur LinkedIn :



Simon-Christiansen & Associés | Luxplan | Géoconseils | Zimplan | Building Solutions & Consulting | Luxsense Geodata
LSC Environmental Engineering | InterAlia | Devolux | Marsch Ingénieurs-paysagistes | Gewatec | BFH Ingenieure
GC Beratende Geotechniker und Geologen | SC France | SCAfrique

■ LSK AUSFLUCH

Dat ganz Joër iwwer ass den LSK och vill ënnerwee. Sief et op Besuch op den Intercercelen vun eise Kolleegen aus de Nopeschsted, wéi och op eiser Kulturrees, déi all puer Joer stattfënnt. Dës erstreckt sech normalerweis ëmmer iwwert e verlängerte Weekend, soudass sou wéineg Coursë wéi méiglech verpasst ginn. Op de verschiddenen Ausflüch kënnen sech d'LSK-Membere besser kenneléieren an e puer flott Deeg matenee verbréngen. Bei eisem leschte groussen Ausfluch goung et mam Cercle fir véier Deeg an déi schéin Hansestadt Hamburg.

Erfangen goufen mir vun eise Kolleegen vum LSHH, dei eis déi schéinsten Ecke vu Hamburg gewiesen hun. No eiser Mettespaus hu mir op enger gemittelter Bootsrundfahrt nach aner Säite vun der bedeitender Norddäitscher Hafestad gesinn.

Freides waren mir ob enger Visite guidée bei de Fliegerhersteller Airbus an sinn eis d'Miniaturwunderland ukucke gaang.

Owes hu mir du mat engem Besuch op der bekannter Reeperbahn ausklénge gelooss.

Samschdes hat jiddereen seng eege Fräizäit a konnt sech de Moie gestallte wéi e wollt. Nomëttes hunn mir zesummen eng Partie Minigolf gespillt. Hu mir dunn och de leschten Owend nach bis spéit an d'Nuecht era genoss.

Lëscht Joer ass et fir eis bei den LSH ob Heidelberg gaangen. Freides si mir zesummen mat hinnen ob den Heidelberger Chrëschtmaart gaangen an Owes gouf an hierem Stammcafé ee Patt zesummen gedronk.

Samsdeg si mir dunn ob Bad Dürkheim gefuer, wou mir als eicht mat engem lessen am Riesefass gestart hun an waren deno ob enger Visite guidée durch Stad, dei mat engem Patt auklengen geloos gouf.



■ LSK SPORT

Säit senger Grënnung war de Sport ëmmer ee wichtegt Thema am LSK.

Wéchentlech trainéiere motivéiert a Fussball begeeschtert Memberen op den Terraine vum Unisport. Am Summersemester huele si dann un der Uniliga, engem Fussball Turnéier vun der Uni, Deel, wou si säit Jore phenomenal Plätzen ënnert deene 24 Ekippen errechen.

Nieft dem Fussball spille mir och virun allem am Summer vill Beachvolleyball. Dofir treffe mir eis eemol d'Woch op den Terraine vum Unisport a maachen eis prett fir eise Beachvolleyball Intercercle. Hei

triede mir dann mat eisen Ekippe géint Lëtzebuerger aus villen aneren Unisstied un.

Säit der Corona Pandemie, während der et net esou einfach war sech ze treffen, besteet den Tour de Lautern. Hei ginn d'Membere regelméisseg zesummen an der Géigend wandern a léieren och d'Landschaft ronderëm d'Staat Kaiserslautern besser kennen.

Natierlech si mir och am Wanter sportlech net ganz inaktiv, an huelen an den Disziplinne Basketball, Fussball a Volleyball um Tournoi de Noël vun der ACEL deel.



■ INTERCERCLE

Eemol am Joer invitéiere mir all déi aner Studentencercelen op eise Beachvolleyball-Intercercle zu Kaiserslautern. Mat ronn 120 Participanten ass et ee vun de gréissten Intercercelen an der Form. Laang am viraus gëtt scho geplangt a geschafft, fir souwuel eise Membere, wéi och ganz ville Gäscht hei ee flotten Dag ze bidden. Bei dësem sportlechen Turnéier trieden d'Cercelen aus verschiddene Stied géinteneen un a kämpfe mat vill Engagement, fir de Pokal owes mat heem huelen ze kënnen.

De ganzen Dag iwwer gëtt op de Beachvolleyball Terrainen zu

Steinwenden ëm de Pokal gespillt. Dobäi ginn d'Spiller wéi och d'Visiteurs mat Lëtzebuerger Béier, Softdrinks a gudde Saache vum Grill versuergt. No der spannender Finall fuere mir all zesummen op Hohenecken an d'Grillhütt, wou säfteg Steaken a selwer gemaachen Zaloten op déi hongreg Spiller waarden. Nom lesse gëtt op eiser Flatrate Party de Gewënner vum Dag gekréint an nach bis déif an d'Nuecht gefeiert. Natierlech bestinn och Schlofméiglechkeeten um Site, dass sech déi midd Gäscht e bëssen erhuele kënnen, ier et no engem frësche Croissant an enger Taass Kaffi oder Téi, moies erëm heem geet.



The bridge to your freedom

SPUERKESS.LU / 033 20 55



Ta carte
Ton compte
Tes avantages

STUDY

Pour les étudiants de 18 à 30 ans

**axxess**





VIRSTELLUNG HÉICH- SCHOULEN

03

#DEFFESCH

■ ALLES OP EE BLÉCK



■ UNIVERSITÉIT (RPTU)

D'Technesch Universiteit Kaiserslautern ass 1970 gegrënnt ginn an haut déi eenzeg technesch-ingenieurwëssenschaftlech Universitéit a Rheinland-Pfalz. Den 1. Januar 2023 huet d'TU Kaiserslautern mat der TU

Landau fusionéiert a nennt sech elo „Rheinland-Pfälzische Technische Universität Kaiserslautern-Landau“, kuerz RPTU. D'RPTU ass domadder déi zweetgréissten Uni a Rheinland-Pfalz mat iwwer 20.000 Studenten.



Wichtig Infoen fir d'Uni:

- Studiengäng (Campus Kaiserslautern):
Architektur, Bauingenieurwesen, Biologie, BWL, Chemie, Elektro- an Informationstechnik, Informatik, Maschinenbau, Verfahrenstechnik, Mathematik, Medien a Kommunikationstechnik, Physik, Wirtschaftswissenschaften, Raum- an Umweltplanung, Sportwissenschaft a Gesondheet, Sozialwissenschaften
- Studiengäng (Campus Landau):
Erziehungswissenschaften, Kultur- a Sozialwissenschaften, Natur- an Umweltwissenschaften, Psychologie
- Umeldung:
 - » Wintersemester 31.08 | 15.07 (zouloosungsbeschränkt Studiengäng)
 - » Sommersemester 28.02 | 15.01 (zouloosungsbeschränkt Studiengäng)



- **Semestergebühren:** ~317 €
Wichtig! Als ausländische Student muss een eemoleg 50 € Frais bezuelen
- **Studentenkaart:**
deng Studentenkaart gött souwuel fir d'Mensa, fir d'Bibliothék wéi och fir den ëffentlechen Transport (*integrierten Deutschlandticket ab Wintersemester 2024*) benotzt.
- **Nach e puer wichtig Site vun der Uni:**
Den KIS-Office ass eng Plattform, wous du däi Stonneplang zesummestellen an fir deng Virlesungen umellen kanns. Am QIS kanns de dech fir deng Klausuren umellen bzw. ofmellen an deng Notte gesinn, wéi och däi Gebührenkont vum Semesterbäitrag.
- Besich och eis Website, do fënns de nach méi Infoen iwwert Universitét

D'Uni zu Kaiserslautern läit e bëssen ausserhalb vun der Käerstad, op engem grouse Campus deen an de 1970er Jore komplett nei gebaut ginn ass. Nieft de normale Coursë bitt d'Uni och nach eng ganz Rei aner sportlech an kulturell Aktivitéiten un, wéi zum Beispill Grillen, Sport, e Fitnessstudio, Unipartyen a viles méi. All Fachrichtung huet seng Fachschaft, eng Grupp aus Studenten, déi engem hëlleft, wann

ee Froen huet. Allgemeng huet een op enger Uni éischer theoretesch wéi praxisorientéiert Virlesungen, wat awer zu Kaiserslautern doduerch, dass d'Uni ganz technesch ass, an engem angeneeme Gläichgewicht läit. Trotzdeem ass de Kontakt zu de Proffen an de grouse Virlesungssäll méi distanzéiert, wéi zum Beispill an de méi klenge Strukture vun Héichschoulen.



**R
TU
P** Rheinland-Pfälzische
Technische Universität
Kaiserslautern
Landau

■ HÉICHSCHOUL (HS)

Op der Héichschoul zu Kaiserslautern kann een zwee Ofschlëss absolvéieren: **Bachelor oder Master**

D'Studiëgäng sinn op dräi Stied verdeelt, zu Kaiserslautern, Pirmasens an Zweebrécken, woubäi déi technesch Studiëgäng zu Kaiserslautern sinn.



Wichtig Infoen fir d'Héichschoul:

- Studiëgäng (Campus Kaiserslautern):
Maschinnebau, Elektrotechnik, Bauingenieurwesen, Architektur, Bannenarchitektur, Virtual Design
- Studiëgäng (Campus Pirmasens):
Logistik, Polymerwëssenschaften
- Studiëgäng (Campus Zweebrécken):
Betriebswirtschaft, Informatik, Mikrosystemtechnik
- Umeldung:
 - » Wintersemester 15.07 (zouloossungsbeschränkt Studiëgäng)
 - » Summersemester 15.01 (zouloossungsbeschränkt Studiëgäng)

- Semestergebühren: ~350 €
- Studentenkaart:
deng Studentenkaart gött souwuel fir d'Mensa, fir d'Bibliothék wéi och fir den ëffentlechen Transport benotzt.

De Campus ass schlicht opgebaut an d'Gebaier sinn an der Stad verdeelt. D'Klassesäll si momentan an ale restauréierte Gebaier während d'Mensa, d'Bibliothék an d'Studierendensekretariat a ganz neie Gebaier sinn. Och

hei ginn et wéi op enger Uni Fachschaften, déi engem bäi Studiumsfroe weiderhëllefen. D'Héichschoul ass meeschtens eng méi praxisorientéiert Schoul, déi vun de Klassestrukturen méi un de lëtzebuergesche Lycée erënnert.



**Hochschule
Kaiserslautern**
University of
Applied Sciences

INTER- VIEWEN

Nom Motto „Erfahrung si goldwert“ hu
mir e puer vun eisen alen Huesen iwwer hire
Studiëgang ausgefrot.



Wat fir een Ofschloss hues du
an huet deen dech gutt op däi
Studium virbereet?

Eng 1ère E. Dat 3D Denken duech
d'Technesch Zeeschnen ass vu Vird-
eel vir am Ufank bei puer Fächer
gudd eranzekommen, mee ouni eng
1ère E ass dat och alles méiglech.
Des weideren hu mir op der E och
schonns mat Photoshop etc. ge-
schafft, wat den Einstieg och schons
erliichtert. An natirlech gett d'Krea-
tivitiéit weiderhin och nach emmer
gefuedert.

Mat wat fir engen Erwaardungen
hues du ugefaange mat studéieren
a si se afëllt ginn?

Vill verschidden Domainen ze gesinn
déi och erfëllt gi sinn, wei zB. Holz-
bau, Landschaftarchitektur an och e
bëssen Innenarchitektur.

Wat fasziniert dech un dengem
Studiëgang?

D'Ufanksidee am Kapp déi um Pa-
beier ausgeschafft gett bis zu en-
gem fäerdegem Modell zum Schluss.

Wat sinn d'Schwieregkeeten an
dengem Studiëgang?

Am Ufank sech an all dei verschid-
den Zeecheprogrammer eranze-
schaffen bis dem Proff däin Layout
endlech gefällt.

Wéi vill Opwand ass däi Studiëgang?

Vill, ganz vill.

Wéi ass de Studiëgang
organiséiert?

Et kritt een eng grouss Aufgab iww-
er d'Semester, déi een zum Schluss
vum Semester présentéiert. Wäh-
rend dem Semester gëtt duerch wei-
der Präsentatiounen de Fortschrëtt
vun der Aufgab évalueiert. Et ginn
dann awer och nach aner Fächer, an
deenen dann een Examen ze schrei-
wen ass.

Wéi ass d'Verhältnis zu de Proffen?

Mam Proff eigentlech relativ on-
perséinlech, well hien just bei den
Zwëschepresentatiounen dobäi
ass,

an just säin Feedback dozou ofgett. Mat den Mitarbeiter vun deem Fach, huet een dann méi ze dinn, well een sech all Woch zesummen setzt, déi nei Iddien beschwätzt an um Fortschrëtt vum Projet schafft a mateneen diskutéiert.

**E gudden Rotschlo un zukünfteg
Studenten:**

Direkt ufänke soubaal een d'Aufgab krut, an net waarden bis de läschte Moment, soss ginn et Nuetsstichtungen. Sech ëmmer gudd vir ze schaffen wann et méiglech ass an mat anere Léit zesummen ze schaffen, vir dass een Iddien austauschen kann.



Wat fir een Ofschloss hues du
an huet deen dech gutt op däi
Studium virbereet?

Ech hunn eng 1ière B gemaach, also Mathé. An deenen eischten zwee Semestern mierkt een effektiv dass een virun allem an der Mathe eben awer och an der Informatik en relativ heigen Wëssensstand huet. Den Ufank ass awer effektiv sou opgebaut dass seier jidereen op den selwechten Niveau kennt

Mat wat fir engen Erwaardungen
hues du ugefaange mat studéieren
a si se afëllt ginn?

Ech hunn de Studiegang gewielt well ech schonn ëmmer un Technik a Maschinen interesséiert war. Och wann d'Grundlagen am Ufank e bëssen dresche kennen si mierkt een awer wat Ziel hannendrun ass. Wat een da mei weit am Studium dran ass wat et och mei technesch a spezifesch gëtt. A souwäit si meng Erwaardungen erfëllt ginn.

Wat fasziniert dech un dengem
Studiëgang?

D'Ëmstellung vum Lycée op d Uni an sechselwer organiséiere kennen ass sécher eng Schwieeregkeet bei all Studiegang am Ufank. Bei Maschinenbau spezifesch ass dat wat de Studiegang sou interessant mécht och mat déi Gréisste Schwieeregkeet, d Diversitéit vun de Kueren. Am Maschinenbau kritt een a sou vill verschidde Beräicher en Abléck dass d Schwieeregkeet éischter ass all déi Kuere gutt laanscht eneen ze kréien an alles anstänneg ze léieren

**Wat sinn d'Schwieregkeeten an
dengem Studiëgang?**

D'Ëmstellung vum Lycée op d Uni
an sechselwer organiséiere kennen
ass sécher eng Schwierigkeet bei all
Studiegang am Ufank. Bei Maschin-
nebau spezifesch ass dat wat de
Studiegang sou interessantmécht
och mat déi Gréisste Schwierig-
keet, d Diversitéit vun de Kueren.
Am Maschinnebau kritt een a souvill
verschidde Beräicher en Abléck dass
d'Schwierigkeet éischter ass all déi
Kuere gutt laanscht eneen ze kréien
an allesanstänneg ze léieren

**Wéi vill Opwand ass däi
Studiëgang?**

Et hänkt natierlechëmmer vun en-
gem selwer of weivill Zäit ee brauch
vir nei Konzepter ze verstoen
wei een am beschte léiert. Wat ee
jiddwerfalls soe kann ass dat mer
am Verglach mat anere Studiëgä-
ng op der RPTU ganz sécher man-
ner Hausaarbechtenhunn, wat awer net
heescht dass ee manner Zäit a säi
Studium stieche mussmee éischter
dass ee manner un Deadlines ge-
bonnen ass. Ausserdeem dierf een
d'Praktika net vergiessen déi obwuel
se enorm interessant a wichteg sinn,
hier Zäit anhuelen

**Wéi ass de Studiëgang
organiséiert?**

Am Ufank vum Bachelor leit de
Fokus op de Grondlage wei
Mathé, Mechanik, Werkstoffkunde
an Thermodynamik. Wat een am
Studium mei weit ass wat ee mei
Kuere mécht déi spezifesch op de
Maschinnebau zougeschnidden si.
Am spéidere Verlaf vum Bachelor
wiel een dann en "Kompetenzfeld"
an dem een sech verdéiwe wëll.

D'Bachelor-, d'Studien- an d'Masteraarbecht kann een sech selwer eraussichen, ob experimentell, simulativ, konstruktiv oder eng Literaturrecherche, dat ass jidderengem selwer iwwerlooss.

Wéi ass d'Verhältnis zu de Proffen?

D'Verhältnis mat de Proffen ass duerch déivill Studenten am Ufank vum Studiegang relativ distanzéiert. Et mierkt een awer dass déimeesch Proffe fein a sympathesch Leit sinn, déi vill dofir ginn, dass hiertFeld viru kennt, an dat bescht vir de Fortschrëtt vun hireStudente wëlle. Wann een da bis a mei klenge Virliesunge setzt da kennteen och op de Punkt dass de Proff oder de Betreier mat engem schwätzt, ansech perséinlech vir een interesséiert.

E gudde Rotschlo un zukünfteg Studenten:

Et ass wichteg eng Balance tëscht Studium an dem Studenteliewen ze fannen. Nëmmen an der Studentebud ze hocken an zeléiere bréngt grad esou wéineg wei all Owend sech am Café d'Luucht aus zeknipsen

Wat fir een Ofschloss hues du
an huet deen dech gutt op däi
Studium virbereet?

Ech hunn eng 1ière General ingéniererie gemaach am LTETT. Fir BI war ech top virbereet. Mathematesch Kenntnesser waren op Uni's Niveau. Grondlagen vun der Technescher Mechanik goufen och gutt bäibruucht, sou dass ech ee gudden, entspaanten Uni's Ufank hat.

Mat wat fir engen Erwaardungen
hues du ugefaange mat studéieren
a si se afëllt ginn?

Ech hu schonn ëmmer um Bau geschafft, a well doranner och schaffe goen a mei an di Technesch Grondlagen ze goen, wéi alles funktionéiert a wie Mammot Projekter iwwerhaupt kennen opgebaut ginn a funktionéieren a bis elo krut ech dat ganz gutt erkläert.

Wat faszinéiert dech un dengem
Studiëgang?

Wéi villfälteg de BI Studium ka sinn, a wei staark een sech op ee klengt Thema spezifizéiere kann a wie wichteg all kleng Rubrik ass. An obwuel et oft zimmlech änlech ass sinn déi Theme verschidden an op hir Aart a weis interessant. Egal wéi eng Verdéiwung ee wielt, et gesäit een ëmmer en Deel vun allem. Als lescht kennt dann nach d'Bachelorarbecht. De genauen Oflaf kann een am Studienverlaufsplan fannen, deen een sech online bäi der Uni erofluede kann.

Wat sinn d'Schwieregkeeten an dengem Studiëgang?

Et muss ee scho mei léieren als ech geduecht hunn, an dass ee kee propere Stonneplang huet wou all Dach selwecht ofleeft, an domadder een Rhythmus opzebauen. Et muss ee vill mei selwer organiséieren, wann ee léiert, Hausaufgabe schreift, op Uni geet, Gruppenaarbechten. Et war méi schwéier dran ze kommen als geduecht.

Wéi vill Opwand ass däi Studiëgang?

Ech perséinlech fir mech fannen et ass net all ze vill Opwand et ass just ongewinnt. Mat e bëssen Disziplin kann een de Studium gemittlech packen an et huet een och nach Freizeit. Natierlech ginn et Deeg wou ee keng Zeit huet an nëmmen op der Uni setzt. Mee héieren och vun anerer dass et vill ze vill ass. Dat ass dat flottst um Studéieren: et kann een sech selwer seng Aarbecht opdeelen an et gi bal keng Pflichtcoursen.

Wéi ass de Studiëgang organiséiert?

Am Ufank huet ee Grundlagen an och deelweis Fächer déi een net interesséieren an déi ee spéider och ni méi brauche wäert brauchen. Ab dem 3. Semester kann ee wielen ob ee léiwer «konstruktiver Ingenieurbau» oder de Schwéierpunkt «Infrastruktur und Umweltplanung» mëscht. Ech hunn mech fir de konstruktiven entscheet.

Wéi ass d'Verhältnis zu de Proffen?

D'Proffen hale just d'Virlesung, do kann een dann awer och dee Moment selwer seng Froe stellen. Fir Froen zu Hausübungen oder der Klausurvorbereitung geet een dann éischter zu Hi-Wi'en (méi al Studenten déi fir d'Uni schaffen) oder bei d'Mataarbechter. Meeschtens fënnt een ëmmer een deen engem seng Froe beäntwerte kann.

Ech denken dat wichtegst ass, datt een sech selwer näischt fir mëscht. Et muss een Disziplin hunn a selwer wëssen ob een net awer nach en bësse fir d'Uni schaffen soll, amplaz schonn erëm an de Café setzen ze goen.

E gudde Rotschlo un zukünfteg
Studenten:

Irgendepes

Wat fir een Ofschloss hues du
an huet deen dech gutt op däi
Studium virbereet?

Ech hunn eng 1ère Générale ingénierie am Lycée Bel-Val gemaach. Dat huet mech am Verglach zu enger Science naturelle section vielleicht manner gudd ob e Chimie Studium virbereede, mee ech hat 2 Semester Mathé studéiert bevir ech ob Chimie gewiechelt sin. Trotzdeem war eng GI keng schlecht Voraussetzung fir de Studium

Mat wat fir engen Erwaardungen
hues du ugefaange mat studéieren
a si se afëllt ginn?

Meng Erwaardungen un de Studium lounen doran, dass en net nëmmen eng grouss Varietéit un verschiddenen chemesche Fachrichtungen huet mee och en Groussdeel vum Studium am Labo verbréngt. Dës Erwaardungen hunn sech och bestätegt, jedach hun ech ënnerschat wei zäitopwändeg dach de Studium si kann.

Wat fasziniert dech un dengem
Studiëgang?

Mech huet besonnesch dei dach ënnerschiddlech Facettë vun de verschiddenen Fachrichtungen erstaunt, als Beispill an der theoretischer Chimie schafft en am Endeffekt manner am Labo an méi um programméieren am Verglach zur Organescher Chimie.

Wat sinn d'Schwieregkeeten an
dengem Studiëgang?

Et ass wéi gesot e recht zäitopwendeg Studium, well e Moies Kueren huet dann Nomëttes am Labo ganz dacks steet an dono nach u Rapporten oder Übunge schaffe muss an sou den een oder anere Weekend oder fräien Dag drop geht dofir.

Awer wann en sech dessen bewosst ass an sech selwer gutt organiséiert kritt, ass et och méiglech Fräizäit ze hunn. Mee et ass e Studium wou en sech selwer ëfters motivéiere muss fir herno net den Iwwerbléck ze verléieren.

Wéi vill Opwand ass däi Studiëgang?

Den Opwand am Verglach zu anere Studiëgänger ass net ze ënnerschätzen. Et ka mat Momenter mol ze vill si well en net weess wou en ufänken soll. Well duerch de Labo, den och zäitintensiv ass, dann nach Kueren ze preparéieren oder ze widderhuelen e schnell net weess wou hinnen a fir ass. Mee och wat ech vun den anere Leit weess déi Chimie studéieren ass en do net eleng domadder a mengen an all Studium huet e Momenter wou en sech iwwerfuerdert fillt an sech selwer fänke muss fir rëm ob déi richteg Spuer ze kommen an e klaren Kapp ze kréien.

Wéi ass de Studiëgang organiséiert?

Déi éischt Semester sinn zum Deel ganz änlech Saache wei en och am Lycée schonn gesinn huet, dono gëtt et dann ëmmer méi spezifesch. An doduerch dass en am Labo den Programm an enger bestëmmter Zeit gemaach muss hunn, muss e schonn sech kenne selwer organiséieren. Am Master huet en dann mei de Choix an weiang Richtung en goe wëll, mee souguer do ass en net ob eng Fachrichtung begrenzt.

E gudde Rotschlo un zukünfteg Studenten:

An d'Übunge goen déi zu de Fächer gehéieren.



INTERVIEW MAM GRÜNNUNGSMEMBER VUM LSK

Marc Linster

Wéini hues du zu Kaiserslautern däi
Studium ugefaangen an wat hues
du studéiert?

Ugefaangen hunn ech mat 20 Joer, also am Joergang 80/81 an war relativ schnell fäerdeg. Studéiert hunn ech Informatik mat Niewefach Theoretisch Elektrotechnik, woubäi ech selwer net genau weess firwat ech grad dat gewielt hunn. Betribswirtschaft huet mech net besonnesch interesséiert, woubäi dat am Nachhinein mat dem wat ech elo maachen eng besser Basis gewiescht wier.

Wat méchs du hautdesdaags?

Ech krut no menger Dokterabescht ugeruff fir an enger Firma an Massachusetts USA ze schaffen, enplus hunn si sech um alles gekëmmert, an hunn déi Offer virun 30 Joer ugehol. Ech schaffen lo säit knapp 9 Joer bei EDB (Enterprise DB), deit commercialisations Firma hannert da open-source Datenbank Postgres ass. Ufanga waren em 112 Leit bedeelegt, an méttlerweil sinn et ronn 700 Leit. Dat ass fir amerikanesch Verhältnisser éischer eng kleng Firma, mee mir haten an den leschten 15 Joer groussen Succès. Ons grouss Clientèle sinn zum Beispill Kreditkaarten-, Finanz- an Regierungsfirmer, mee och Deutsche Börse.

Wou ass den LSK gegrënnt ginn?
Wat war Zill vum LSK?

Ganz genau weess ech dat net méi, mee déi éischt offiziell Reunioun ass an engem klengen Auditorium ob da Uni gemaach gi. D'Iddi selwer ass warscheinlech an engem Bistro komm. Mir konnten keng Fussballsekkipp maachen, an dat wollten mir änneren. Zousätzlech war och Interesse do méi Lëtzebuerger Studenten op Kaiserslautern opmierksam ze maachen. Doropshin sinn mir ob d'Iddi kommt den LSK ze grënnen, an sinn och mat Broschüren Lycéen gaangen.

Wei hues du dech fir eng
Universitéit entscheet ?

Frankräich war keng Optioun fir mech, deemno hunn ech gekuckt ob wei enger Universitéit an Däitschland am Studiegang Informatik am meeschten lass war. München war keng Optioun, well ech gefaart hat, dass ech mech an sou enger grousser Stad net ob mäi Studium kéint konzentréieren.

Wat géifs den Studenten haut mat
op den Wee ginn?

Kuriositéit! Et soll en Risiko agoen an sou gutt wei méiglech all Geleeënheet déi en offréiert kritt unhuelen.

INTERVIEW MAM GRËNNUNGSMEMBER VUM LSK

René Weber

Wéini hues du zu Kaiserslautern déi
Studium ugefaangen an wat hues
du studéiert?

Ech hunn Elektrotechnik vun 1980 bis 1985 studéiert.

Wat méchs du hautdesdaags?

Ech sinn Enseignant am Lycée des Arts et Métiers zu Lëtzebuerg an ënnerriichten do säit ronn 30 Joer Informatik.



Wat war Zill vum LSK?
Gouf et Kannerkränkten,
Startschwieregkeeten?

Dat ass spontan entstanen, den LSK
hat als primär Zill d'Uni zu Lëtzebu-
erg bekannt ze maachen, an Feieren
all organiséiert ze kréien.

Hätt dir gemengt dass et den LSK
sou laang géif ginn?

Sou gréisser Schwieregkeeten gou-
fen et lo keng, mee et war keen
wierklech do den hëllefen konnt,
well dat alles nach ganz nei war.
Als Student denks de éier net sou
wäit an Zukunft, hunn dat also net
sou erwaart. T'ass natierlech flott ze
gesinn, dass den LSK lo ëmmer nach
do ass.

Hutt der elo nach iergendwellech
Connectioun zu Lautern?

T'ass keen méi do den ech kennen,
mee ech war nach heiansdo ob
Lautern den Fussball kucken.

Wat géifs den Studenten haut mat
op den Wee ginn?

Sou allgemeng soll en sech bewosst
sinn wat en nom Studium maachen
well an wei en sech uleeën muss fir
dat ze erreechen.



Marc Linster




René Weber

■ WAT STUDÉIEREN EIS MEMBEREN?

Eis Memberen studéieren entweder op der „Rheinland-Pfälzische Technische Universität Kaiserslautern-Landau“ (RPTU) oder op der „Hoch-

schule Kaiserslautern“ (HS), woubäi d'Studiëgäng haaptsächlech an déi verschidden technesch Richtunge ginn.



Leschte Stand: Januar 2024

ACEL- De Studentevertrieder

Mir sinn fir dech do!
Virun, während an no dengem Studium!



INFORMATIOUN

Mam **GUIDE DU FUTUR ÉTUDIANT** hues du all d'Infoe fir de Start vun dengem Studium. Während dengem Studium steet dir dann **DE STUDENTEGUIDE** zur Säit. De **GUIDE DU FUTUR DIPLÔMÉ** hëlleft dir fir dän Wee an d'Aarbechtswelt ze erliichter. Dës dräi Broschüren fënns du ënner: www.ancel.lu/publikatiounen.

Beim **STUDENT FIR 1 DAG** weise mir dir deng zukünfteg Studentestad.



REGRUPPEMENT

Mir organiséieren **DE STUDENTEBAL**, dee gréissten Open-Air Bal fir Student:innen, ewéi och den **TOURNOI DE NOËL**. Allebéid bréngen déi iwwer 40 Cercles an hier Memberen zu Lëtzebuerg zesummen.

REPRESENTATIOUN

Mir sinn am reegelméissegem Kontakt mat de Ministèren an verrieden deng Rechter an Interessen. Mir probéiere fir all potentielle Studenteproblem eng Léisung ze fannen an dech beschtméiglech ze beroden.



OCH DISPONIBEL OP



www.ancel.lu
contact@ancel.lu



[/anceluxembourg](https://www.instagram.com/anceluxembourg)







VIRSTELLUNG EIS SPONSOREN

04

#DEFIESCH



MERCI UN EIS



**DREES &
SOMMER**



LSC Engineering Group



www.roemen.lu



PAUL WURTH

SMS group



SPONSOREN!



Goblet Lavandier & Associés
Ingénieurs-Conseils S.A.



CFL



lalux⁺
ASSURANCES

n·gineer





Energie fir haut a muer

Zanter iwwer 120 Joer si mir als Äerdgas Fournisseur an Netzbedreiwer aktiv.

Eis Haaptaktivitéit war sécher ëmmer den Äerdgas, mee als verantwortungsvollen Acteur um Lëtzebuerger Energiemaart droe mir eisen Deel zu der Energietransitioun bäi. Zanter 2015 hu mir iwwer 4.600 Projekte fir Energie anzespuere bei eise Clientë realiséiert. 2018 hu mir de Wandprojet SUDWAND lancéiert, a parallel entwéckelen a bedreiwe mir Fotovoltaik-anlage fir lokal gréng Energie ze produzéieren.

*Loosst eis zesummen zu der nohalteger
Entwécklung bäidroen!*

■ SCHLUSSWUERT

Mir hoffen datt „de Fësch“ dir geholfen huet een Iwwerbléck iwwer eis ze verschafen.

Weider aktuell Neiegkeeten, a wéini eis nächst Eventer stattfannen, fënns du op sozialen Netzwierker oder op eiser Internetsäit:



LSK - Lëtzebuerger Studenten zu Kaiserslautern



@l.s.k.lu



www.lsk.lu

Du hues spezifesch Froe déis du dem Comité wëlls stellen? Dann schréif eis eng PN op Social Media oder eng E-Mail:



comite@lsk.lu

Du bass schonn op der Uni oder Héichschoul ageschriwwen awer d'Semester huet nach net ugefaangen, dann dierfs du roueg schonn an eis Facebookmembersgrupp bäitrieden:



LSK - Membersgrupp

Du besëtzt keen Auto an wëlls op Lautern kommen? Dann trëtt dës Grupp bäi:



LSK - Matfuergelleenheeten
Lëtzebuerg - Kaiserslautern


Members-
grupp



Covoiturage



Mat beschte Gréiss,
den LSK-Comité



■ IMPRESSUM

**De Fësch - Eng Informationsbroschür
vun de Lëtzebuerger Studenten zu Kaiserslautern**
Editioun 2024/2025

EDITIOUN: N°101- OKTOBER 2025
Original 2015/16

EDITEUR: Lëtzebuerger Studenten zu Kaiserslautern a.s.b.l.
2, avenue de l'Université
L-4365 Esch-sur-Alzette

R.C.S Luxembourg F5030

KONTAKT: E-Mail: comite@lsk.lu
Homepage: www.lsk.lu


REDAKTEREN: LSK Comité

**LAYOUT
AN DESIGN:** Alexandre Luong & Philippe Harpes

FOTOEN: Max Jacobs, Alexandre Luong, Jessica Moris, LSK, ACEL,
pixabay.com, RPTU Kaiserslautern, HS Kaiserslautern,
unsplash.com, ZukunftsRegion Westpfalz, Charlène
Chaudy

DROCK: ????

OPLAG: 100 Exemplairen





Witches

DIE UHRIGE KNEIPE AN DER ECKE
MIT DEN BESTEN PREISEN

HALLO UND HERZLICH
WILLKOMMEN IM
REICH DER HEXEN



Wir bieten eine große Auswahl an
Getränken & mit Sicherheit auch jene,
die es nicht überall gibt.

Neben der Jukebox und einem Flipper
sorgen auch zwei Dartautomaten für
reichlich Spaß am Abend!



ÖFFNUNGSZEITEN

Mo - Do: 15h00 - 01h00

Fr: 15h00 - 02h00 | **Sa:** 15h00 - 03h00

So: 16h00 - 00h00

Gästestätte Witches

Steinstraße 26 • D-67657 Kaiserslautern

Telefon 0631 / 3607253

FOLLOW US ON

 /witches.kl  @witches_kl





DE GRÉISSTEN EMPLOYEUR VUM LAND STELLT AN DE FOLGENDE BERÄICHER AN:

Qualité, Génie civil, Architecture, Informatique, Construction, Mécatronique, Mathématiques, Environnement, Électrotechnique, Électromécanique, Gestion de projets, Administrateur BDD, Télécommunication, Sécurité informatique, Développement durable, Administrateur réseaux






FANN EIS DOPPE STELLEN A BEWERB DECH OP
WWW.JOBS.CFL.LU

#WEARECFL



Missions That rock!

SCHLÉISST IECH ENGEM GRUPP UN, DEEN ÄRER ZUKUNFT SËNN VERLEET.



LËTZEBUERGER STUDENTEN ZU KAISERSLAUTERN A.S.B.L.



SCANNT MECH

